



Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , , , , den 16/08/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Immigratioun an Asyl weiderzeleeden.

Virun 2 Méint hat ech dem Minister d'Fro gestallt (n°4408), wéi et mat den afghaneschen Zivilisten géing goen, déi am Krich géint d'Taliban déi westlech Truppen ënnerstëtzt hunn.

De Minister hat mer a menger leschter Fro geäntwert, dass eng Persoun, déi de westlechen Truppe gehollef huet, ënner verschiddene Konditiounen, Schutz hei am Land ka kréien. E schreift awer och, dass Lëtzebuerg nach keng Entscheidung getraff huet an op eng europäesch Léisung waart. D' EEAS (den auswäertegen Déngscht vun der EU) dee fir verschidden Deeler vun der EU Baussepolitik an d'Bannenzegt Sécherheet zoustänneg ass, huet an dësem Kader keng Befugnisser, fir de Betreffene Visaen auszustellen, dëst kënnen nëmmen d'Mememsstaaten.

Elo sinn awer 2 Méint vergaangen a fir déi afghanesch Betreffen, hier Kanner an hier Bekannten ass d'Lag am Land aussichtslos ginn. Taliban hunn d'Muecht am Land iwwerholl.

Erschwéierend kënn fir d'Afghanen nach dobäi, dass si net am Flüchtlingsdeal mat abegraff sinn, deen d'EU mat der Tierkei ausgehandelt hat a vun der Tierkei ofgewise ginn.

An deem Zesammenhang wéilte mir dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung elo selwer iergendwellech Moosnamen ënnerhuelen, fir den Afghanen, déi de westlechen Truppe gehollef hunn, eng akut Flucht aus dem Afghanistan ze erméiglechen?
2. Wäert eis Regierung d'Situatioun vun de Betreffenen am Afghanistan einfach esou hinuelen, wann keng europäesch Léisung zustane kënn? Falls nee, wat wäert eis Regierung ënnerhuelen?
3. Kéint d'Regierung den afghanesche Bierger, déi de westlechen Truppen am



www.piraten.lu

Afghanistan gehollef hunn, zäitno eng speziell Schutzprozedur ubidden, déi hinne méi schnell Asyl garantéiert?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven
Député

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc
Député

